pétange
MOTIVATION COMMUNE

Madamm COUTO Paula
Gemengeconseiller

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

Referenz : 2026.70267.SECR

Péiteng, de 4. Mäerz 2026

**Betreff: Är Froe vum 4. Februar 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Mike Braun - Tel.: 50 12 51 - 2010)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 4. Februar 2026, deen der Gemengeverwaltung per Email zougestallt gouf, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Mat iwwert 500 Mataarbechter.innen dei an der Gemeng Péiteng agestallt sinn, an am Kader vun der Stäerkung vun der Transparenz an dem Schutz vun de Gemengebeamten, besonnesch no dem Akraafttriede vum Gesetz vum 16. Mee 2023 iwwer de Schutz vun de Whistlebloweren, wéilt ech gär Informatiounen iwwer déi bestehend Systemer an der Gemeng Péiteng kréien.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

1. *Huet d'Gemeng Péiteng en internt Melde-System fir hir Mataarbechter.innen agefouert (Whistleblower-System)?*

2. *Wa jo, zënter wéini ass dëse System a Kraaft a wéi ass en organiséiert (Plattform, intern Vertrauenspersoun(en), schrëftlech Prozedur, etc.)?*

3. *Wéi eng Garantie vu Vertraulechkeet a Schutz géint Repressalien si fir Mataarbechter.innen virgesinn, déi dëse System benotzen?*

4. *Gouf dem Personal eng spezifesch Informatioun oder Formatioun iwwert hir Rechter an d'Meldeprozedure zur Verfügung gestallt? Wann jo, wéini huet déi stattfonnt?*

5. *Falls et keen internt System gëtt, wéi eng alternativ Kanäl recommandéiert d'Gemeng hire Mataarbechter.inen, fir Situatiounen ze mellen, déi géint d'Gesetz oder d'Allgemengwuel verstoussen?*

6. *Wann keen esou e System en place ass, ass virgesinn, esou e System kuerz- oder mëttelfristeg anzeféieren?*

7. *Wann esou e System en place ass, kann de Schäfferot, eng Kopie vun der Prozedur ginn?*

*Mat Respekt*
*Paula Couto,*
*Gemengeconseiller*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Ursprénglech war virgesinn, d'Prozedur wéi se am Gesetz vum 16. Mee 2023 virgesinn ass, am Laf vum zweete Semester 2025 fir eis Gemengeverwaltung anzeféieren.

Wéinst internen Ëmstänn huet sech d'Ausaarbechtung an d'Ëmsetzung vun dëser Prozedur allerdéngs verspéit. D'Gemeng wäert déi néideg Schrëtt ënnerhuele fir hire gesetzlechen Obligatiounen esou séier wéi méiglech nozekommen, an envisagéiert déi entspriechend Prozedur nach virum Enn vum éischte Semester 2026 a Kraaft ze sëtzen.

Zu gegeebener Zäit wäert de Gemengerot iwwert den definitive Stand informéiert ginn an d'Prozedur virgeluecht kréien.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118